N° 7952
Entrée le 09.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch a vum Här Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n° 7952 vum 2. Mee 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Octavie Modert.**

D'Gesetz vum 15. Mäerz 1979 iwwer d'Reguléierung vun der Blutttransfusioun setzt d'Konditiounen an d'Prozedure fir d'Bluttspend, d'Erhiewung an d'Liwwerung vu Blutt fest. Fir d'Aktivitéiten am Zesummenhang mat der Blutttransfusioun ass d'Rout Kräiz vum Gesondheetsministère op Basis vum virgenannte Gesetz vum 15. Mäerz 1979 iwwer d'Blutttransfusioun, agrééiert.

Dëst Gesetz verflicht och d'Rout Kräiz eng Versécherung ofzeschléissen, déi all d'Risiken, déi d'Spender am Zesummenhang mat Bluttprouwen droen, ofdeckt. Wann deemno eng Persoun e Schued duerch eng Blutttransfusioun erleide géif, gëtt dës Persoun vun der Assurance vum Roude Kräiz entschiedegt.

Sou wéi d'Rout Kräiz et awer selwer betount, ass opgrond vun allen Qualitéitskontrollen, déi bei Blutttransfusiounen gemaach ginn, de Risiko vun der Iwwerdroung vun enger ustiechender Krankheet duerch Blutttransfusioune ganz kleng, och wann net null. Bei der Assurance gëtt an dësem Kontext net tëschent verschidde Krankheeten ënnerscheet.

De Regime vun der Responsabilitéit fir defekt Produkter, wou kontaminéiert Blutt drënner fale géif, ass generell duerch d'geännert Gesetz vum 21. Abrëll 1989 iwwer d'Zivilverantwortung fir defekt Produkter, geregelt. Dëst Gesetz setzt eng Direktiv vum Conseil vum 25. Juli 1985 ëm. Et ass aktuell net virgesinn dëst Gesetz ze änneren.

Doriwwer eraus sinn de Staatsminister an d'Gesondheetsministesch an enger Diskussioun mam Roude Kräiz fir iwwer de Wee vun enger Konventioun de Reschtrisiko am Zesummenhang mat Blutttransfusiounen d.h. dee Risiko deen iwwert de Plaffong vun der legaler Assurance vum Roude Kräiz kéint erausgoen, ofzedecken. Fir de Fall wou deemno Leit Schied duerch Bluttprodukter, déi vum Rouden Kräiz geliwwert goufen, erlidden hätten an d'Responsabilitéit vum Roude Kräiz zeréckbehal giff ginn, géif de Staat sech engagéieren fir de Schuedensersatz, deen iwwert de Plaffong vun der Assurance eraus geet, ze iwwerhuelen.

D'Direktiv iwwert d'Responsabilitéit bei defekte Produkter huet all Memberstaat transposéiert.

Et ginn an eenzele Länner, wéi z.B. a Frankräich oder an der Belsch, spezial Regimer, déi och Schied déi Leit duerch kontaminéiert Blutt erlidden hunn, ënnert bestëmmte Konditiounen, entschiedegen. A Frankräich ass dat den « Office national d'indemnisation des accidents médicaux, des affections iatrogènes et des infections nosocomiales » an an der Belsch den « Fonds des accidents médicaux ».

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2023

D' Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert